PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

n° 2714

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/08/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

An enger inklusiver Gesellschaft ass et mëttlerweil normal, datt Kanner mat enger Behënnerung a reguläre Schoulklassen ënneriicht ginn. Et ginn awer och Kanner mat enger Behënnerung oder chronesche oder längere Krankheeten, déi zwar regulär an enger Schoul ageschriwwe sinn, mee eng sougenannten "Classe d'attache" hunn an dat ganzt Schouljoer kee Cours besichen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kanner waren d'Schouljoren 2018/2019 an 2019/2020 an enger Classe d'Attache ageschriwwen?
2. Wéi vill Schüler, déi an enger Classe d'Attache ageschriwwe waren, weisen ee Präsenztaux vun 0%, manner wéi 25%, tëschent 25 a 50% a méi wéi 50% op?
3. Am Fall vu Präsenzen vun ënnert 50%, erfëllt d'Aschreiwung an enger Classe d'attache de Krittäre vun der Schoulfliicht?
4. Ginn dës Kanner an de Statistiken ëm d'Inklusioun matgezielt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2714 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

Éier ech op den Detail vun de Froe vum honorabelen Deputéierten aginn, wéilt ech an Erënnerung ruffen, datt all Kand, dat zu Lëtzebuerg wunnt an tëscht 4 a 16 Joer al ass, e Recht drop huet an och d'Flicht, an d'Schoul ze goen. Dëst geet aus dem ofgeännerte Gesetz vum 6. Februar 2009 ervir: *« Tout enfant habitant le Luxembourg âgé de quatre ans révolus avant le premier septembre, doit fréquenter l'École. Cette obligation s'étend sur douze années consécutives à partir du premier septembre de l'année en question »* (Art. 7). Hei gëtt keen Ënnerscheed gemaach tëscht de Kanner, ob se eventuell spezifesch Besoinen hunn oder net, oder ob se eventuell länger oder chronesch krank sinn.

Eng Rei Schüler mat spezifesche Besoine besichen entweeder deegweis oder all Dag eng Klass vun engem Kompetenzzentrum. Am Schouljoer 2018/2019 goufen 831 Schüler an enger Klass vun engem Kompetenzzentrum beschoult, am Schouljoer 2019/2020 waren et der 806. Fir si schreift d'Gesetz vum 20. Juli 2018 iwwer d'Schafe vu psychopedagogesche Kompetenzzentren am Hibléck op déi schoulesch Inklusioun vir, datt si gläichzäiteg an deenen zwou Schoulen ageschriwwen sinn: an hirer Grondschoul oder an hirem Lycée, an am Kompetenzzentrum: *« Dans le cas d'une scolarisation spécialisée, l'élève est inscrit à la fois dans un Centre [de compétences], et dans son école ou lycée d'origine »* (Art. 34). Dës duebel Aschreiwung dokumentéiert, datt d'Schüler mat spezifesche Besoinen hirer Schoulflicht nokommen, onofhängeg dovunner, wou dëst geschitt a wéivill si an enger Reegelschoul respektiv an enger Klass vun engem Kompetenzzentrum beschoult ginn.

Eng Rei Schüler mat spezifesche Besoinen hu bei menge Servicer eng Dispens vun der Schoulflicht ugefrot. Dëst ass méiglech op Grond vum Artikel 17 vum ofgeännerte Gesetz vum 6. Februar 2009: *« Des dispenses de fréquentation peuvent être accordées sur demande motivée des parents »*. D'Grënn fir eng Dispens ze accordéiere sinn haaptsächlech medizinescher an therapeutescher Natur. Sou kann et z. B. sinn, datt eenzel Schüler op Grond vun hirer spezifescher Situatioun et net packe géifen, wa se de volle Schoulrhythmus misste matmaachen. Aner Schüler musse regelméisseg oder sporadesch un Therapien deelhuelen oder brauchen ee ganz spezifeschen Encadrement ausserhalb vun der Schoul, deen eng Dispens vun der Schoulflicht rechtfertegt.

De folgenden Tableau dokumentéiert,

1. wéivill Schüler an de Schouljoeren 2018/19 an 2019/20 gläichzäiteg eng Klass an enger Reegelschoul an eng Klass an engem Kompetenzzentrum besicht hunn;
2. wéivill Schüler, déi an eng Klass vun engem Kompetenzzentrum ginn, an de Schouljoeren 2018/19 an 2019/20 vu mir eng Dispens vun der Schoulflicht accordéiert kruten.

All dës Kanner gi matgezielt bei de Schüler mat spezifische Besoinen, déi op ënnerschiddlech an individuell ugepassten Aart a Weis vun de Moossname vun der schoulescher Inklusioun profitéieren.

| | Schouljoer 2019/2020 (um 16/09/2019) | | | | | Schouljoer 2018/2019 (um 17/09/2018) | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Präsenz an enger Klass vun engem Kompetenzzentrum | | | | TOTAL | Präsenz an enger Klass vun engem Kompetenzzentrum | | | | TOTAL |
| | 75% - 99% | 50% - 74% | 25% - 49% | < 25% | | 75% - 99% | 50% - 74% | 25% - 49% | < 25% | |
| Zuel vu Schüler, déi gläichzäiteg an eng Klass vun engem Kompetenzzentrum an an eng Reegel-schoul ginn | 67 | 17 | 4 | 24 | 112 | 54 | 20 | 5 | 22 | 101 |
| | Dispens vun der Schoulflicht | | | | TOTAL | Dispens vun der Schoulflicht | | | | TOTAL |
| | 75% - 99% | 50% - 74% | 25% - 49% | < 25% | | 75% - 99% | 50% - 74% | 25% - 49% | < 25% | |
| Zuel vu Schüler, déi an eng Klass vun engem Kompetenz-zentrum ginn an déi eng Dispens vun der Schoulflicht hunn | 0 | 2 | 3 | 4 | 9 | 0 | 1 | 1 | 2 | 4 |